**Carte Blanche Pierre Hurt, Direkter OAI** vers. 28.10.25

**RTL Radio 29/10/2025 12h50**

**Titre**

**Plang gutt, bau schlau mat Architekten an Ingénieurs-Conseils!**

**Annonce**

**Plang gutt, bau schlau mat Architekten an Ingénieurs-Conseils!**

**Lëtzebuerg – en agilen Laboratoire fir intelligent an innovativ Konzeptioune fir eise Cadre de Vie.**

Vum **Pierre HURT**, Direkter vum Ordre des Architectes et des Ingénieurs-Conseils (OAI)

**(oai.lu)**

**Text**

**Plang gutt, bau schlau mat Architekten an Ingénieurs-Conseils!**

**Lëtzebuerg – en agilen Laboratoire fir intelligent an innovativ Konzeptioune fir eise Cadre de Vie.**

Lëtzebuerg huet ëmmer eng grouss kulturell Diversitéit ugezunn, wat nei Besoinen an der Entwécklung vum gebauten Raum geschaf huet. Dësen Opschwong huet wéi en echten Inkubator fir de Wuesstem vun der Bauindustrie an de leschte Joerzéngte gewierkt.

Mee den aktuelle Mille-feuilles vu Reglementer a Prozedure blockéiert eis.

1. **Mir mussen de gesetzlechen, administrativen a prozedurale Kader ofspecken, vereinfachen an digitaliséieren, fir méi kreative Potenzial vun den Architekten an Ingenieuren ze erlaben.**
   Mir sinn um richtege Wee, mee d'global Strategie muss nach méi kohärent, iwwergräifend verstäerkt ginn. D'OAI, mat der staarker Ënnerstëtzung vu villen Memberen, hëlt aktiv deel an den offiziellen Aarbechtsgruppen zur administrativer Vereinfachung (national Bautereglement…).

2. **D'Marchés Publics sinn de Motor vun eiser Ekonomie** a hunn eng exemplaresch Virreiderroll.
   **No enger detailléierter Programmatioun soll eng fair a gerecht Prozedur gewielt ginn, fir eng Missioun de Confiance un onofhängeg Concepteuren ze ginn!**

Mir schaffen dru fir en einfachen, standardiséierten a respektvolle Kader opzestellen, den d'Spezifizitéite vun de OAI-Beruffer respektéiert, eng qualitéitsbaséiert Selektioun garantéiert, an och de klenge Büroen (mat 5 oder manner Persounen, déi 74 % vun den OAI-Memberen ausmaachen), den Zougang zu ëffentleche Marchéen erméiglecht.

3. Parallel dozou **proposéiert d'OAI e faire kontraktuelle Kader MOAI.lu (Maîtrise d'œuvre)**, den nach mat dem CRTI-B standardiséiert get, an den dann de ganze Bauprozess vereinfacht an d'Aarbecht vun all de Acteuren strukturéiert.

4. Schlussendlech **wäert de Projet vum neien OAI-Gesetz de fundamentale Prinzip vun der beruflecher Onofhängegkeet nach méi staark verankeren**, fir datt d'Majoritéit vum Kapital an den Hänn vun onofhängege Konzepteuren bleift.

An dësem Kontext passt **d'OAI-Charta** perfekt zur Natur vun de reglementéierte OAI-Beruffer. Hir Deontologie definéiert eng gesellschaftlech Vertrauensmissioun, déi d'Interesse vun de Bauhären, den Notzer an dem allgemenge Wuel equilibréiert.

Dës Charta stellt d'Concepteuren an de Mëttelpunkt vum néidege Wandel, fir op déi ekologesch, ekonomesch, kulturell a gesellschaftlech Erausfuerderunge vun haut a muer ze äntweren.

Loosst eis hinnen d'Vertrauen ginn!

Méi Informatioun:

https://www.oai.lu/fr/26/accueil/mediatheque/documentation/1-mode-news-id-5344/

www.oai.lu; www.moai.lu; www.qbs.lu ; www.guideoai.lu; www.bhp.lu; www.architectour.lu

Pierre HURT

Direkter OAI